association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Lëtzebuerg, den 12. Dezember 2022

Léif Memberen,

Nom Accord salarial tëscht der CGFP an der Fonction publique gëtt d'Carrière supérieure alt erëm bausse vir gelooss. D'Karriär B1 soll mëttelst enger Primm méi attraktiv gemaach ginn, an der Hoffnung de Manktem u Personal ze reduzéieren. Datt de Staat endlech seng eege BTS-Diplomer unerkennt ass sécherlech ze begréissen, och wann ee sech freet firwat dat net vun Ufank un sou war. Mä an der A1-Karriär feelt et bekanntlech och säit laangem akut u Leit. Mir fuerdere säit Joren (z.B. den 13.5.19 an 18.9.19), datt de Proffeberuff muss méi staark valoriséiert ginn. Donieft bleiwe mir bei eiser Fuerderung, datt de Wäert vum Travail de candidature, deen eng postuniversitär Aarbecht duerstellt an dozou gefouert huet, datt dem E7-Professer seng Karriär 18 Méint méi spéit ugefaangen huet wéi am A1, soll mat 45 Punkten unerkannt ginn.

Wat d’Indemnitéiten vun den Examenskommissiounen betrëfft hu mir och schonns 2019 gefuerdert, datt déi diskriminatoresch Kierzungen vun 2013 missten elimineiert ginn. Datt een 2024 aus enger 25%-Reduktioun mëttelst enger 15%-Erhéijung de facto eng 13,75%-Reduktioun mécht, erënnert een un eng ëmgekéiert Sprangpressessioun: 2 Schrëtt no hannen, een no vir.

Mir weisen eis Memberen dorop hin, datt am Art. 5 vum CET-Gesetz steet: " Les éléments suivants peuvent être affectés au CET à la demande de l’agent : ... les leçons supplémentaires des enseignants à concurrence d’un maximum annuel de 20 pour cent de leur tâche moyenne de base de l’année concernée ;". Dat heescht, datt 20% vun der Tâche annuelle op den CET gesat kënne ginn, an d'Direktioun dat net op 20% vum Mount oder der Woch limitéieren dierf.

Bescht Gréiss vum Exekutivcomité



**Siège social** 389, route d’Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

**Comité exécutif** Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

**apess a.s.b.l.**
Numéro LBR F4426